



maache mat de Kanner oder Famill mat Beruff ze deelen, mä datt et net um Stat ass, fir sech an d’Famill anzemëschchen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- De Stat soll higoen a flächendeckend mat de Gemengen zesummen déi Infrastrukturen ubidden, mä et muss ëmmer der Gemeng hire Choix bleiwen. A fir datt d’Gemeng de Choix kritt, entschëllegt, fir datt d’Famill dee Choix kritt, fir kënnen doheem ze bleiwen a Kannererzéiung ze maachen oder Famill a Beruff kënnen ze verbannen, mussen d’Voraussetzunge geschaf ginn, fir datt se ebe kënnen de Choix treffen, andeems dat och flächendeckend ugebuede gëtt.

An der Vergaangenheet hat d’Famill ganz dacks guer net dee Choix. D’Famill hat keng Plaz, fir d’Kanner an eng Struktur ze ginn, a si war duerfir condemnéiert, fir mussen doheem beim Kand ze bleiwen, wa se net eng Mamm oder eng Bomi hat, déi dat gemaach huet. Mir hunn an deene leschte Jore ganz vill doranner investéiert, ech mengen, dat muss ee soen.

Ech géif soen, wa mer vläicht de Statsbudget kucken, dann ass et ee vun deenen Artikelen am Statsbudget, deen explosiounsarteg an deene leschte Joren an d’Luucht gaangen ass, well de Käschtpunkt, net nëmme fir d’Investitiounen, fir d’Frais de fonctionnement, fir d’Frais de gestion, mä ech mengen och, wat herno d’Personalkäschten an alles ubelaangt - obschonn dat ee Problem fir sech ass, datt déi Leit eiser Meenung no net genuch verdénge -, ass awer spronghaft an d’Luucht gaangen.

Ech mengen, d’Famillje sinn haut an eiser Gesellschaft, déi eben eng materialistesche Gesellschaft ass, quasi condemnéiert ginn, fir ebe muss schaffen ze goen. Haut huet eng jonk Koppel, déi sech wëllt en Eegenheem uschaffen, keen anere Choix, wann d’Elteren net do sinn, déi finanziell bäisteieren, oder d’Grousselteren. Dann huet déi Koppel keen anere Choix, wéi mussen zu zwee schaffen ze goen.

Awer och elengerzéiend Fraen, déi hu keen anere Choix, wéi schaffen ze goen. A wa mer kucken, mir hu virun e puer Wochen heibannen iwwert d’Aarmut hei zu Lëtzebuerg diskutéiert, wou mer gesinn hunn, datt mer elo un eng Grenz vu 14% kommen hei am Land, déi un d’Aarmutsgrenz ginn, dat si gréisstendeels Fraen, déi elengerzéiend dostinn oder Famillje mat méi Kanner. Déi sinn also alleguer condemnéiert, fir méi schaffen ze goen, fir muss schaffen ze goen, fir eben hir Famill do besser iwwert d’Ronnen ze kréien.

Mir soen also ganz kloer, datt mer mussen déi Infrastrukturen duerch d’Land flächendeckend maachen, datt se mussen vun enger gudder Qualitéit sinn, datt se mussen mat professionnelle Leit besat sinn. Mä déi kruzial Fro, déi mer eis am Fong haut hei misste stellen, et geet jo haaptsächlech ëm d’Debatt vun null bis dräi Joer, do ass déi prinzipiell Fro, ob et fir e Kand besser wier, wann et an där Zäit doheem géif erzu ginn, oder an enger Struktur.

Mir sinn alleguer eis heibannen eens, datt dat am Fong déi wichtegst Phas am Liewe vun engem Mënsch ass: e Kand a sengen éischte Méint a Joren. Et ass haut hei geschwat ginn, datt ee Kand da Léift brauch, Gebuergeenheet, Zouneigung. Et muss een Zäit hu fir d’Kand, et muss ee mam Kand schwätzen, et muss ee mam Kand sangen, et muss eng verlässlech Beziéungspersoun hunn. Mä ganz dacks huet een esou d’Impressioun, wann déi Wieder hei falen, wéi wa jiddwereen dat kéint maachen, just d’Eltere net. Just d’Eltere net!

Dat ass e bëssen de Verdacht, deen een heibanne kritt, wann een déi ganz Diskussiounen hei mécht, wéi wann et just de Stat wier, deen déi Bezuchspersoun kéint zur Verfügung stellen, fir de Kanner dat ze ginn. An et gëtt ëmmer erëm vergiess, datt vill Elteren déi Aarbecht awer gäre géife selwer maachen, wa se et finanziell kéinte maachen!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dann ass et och fir mech e Punkt, deen engem muss ze denke ginn, wa mer hei d’Kandsentwécklung präislech héichrechnen, wann hei gesot gëtt, wat dat wirtschaftlech vu Konsequenzen huet a wat dat eis Gesellschaft kascht. Wéi wann d’Kand quasi eng Wuert wier, en Objet wier! An dat Mënschlecht an der Diskussioun, doriwwer schwätze mer net méi. Mir rechnen haut mat dräi Stelle geschwënn hannert dem Komma, wat mer géife mengen, wirtschaftlech gesinn, wéi mer e Kand misste vu klengem un, vun der Maternité un an eng Formatioun erakréien, an eng Struktur erakréien, fir herno dee beschte Mënsch, ekonomesch gesinn, aus em ze maachen, a mir vergiessen awer dat Mënschlecht bei deem Ganzen!

Ech mengen, dat muss eis ze denke ginn! A mir sollen och drun denken, un d’Situatioun, déi vill kleng Kanner hu mam Stress. Ech weess net, ob dat am Interessé vum Kand ass. Leider hunn d’Eltere keen anere Choix - vill Elteren! Mä wa Kanner emol scho mussen, wann d’Eltere schaffen, fir siwen Auer an enger Struktur ofgeliehwert ginn, da muss dat Kand schonn um Véirel op sechs opstoen, fir datt et viru siwen Auer kann ofgeliehwert ginn. An dann ass et an der Struktur bis owes an da ginn d’Elteren et erëm sichen.

Et ass och e Stress fir e Kand. Ass dat gutt fir e Kand, wann dat ëmmer esou muss moies opstoen? Schwätzt emol mat Enseignanten: och déi Kanner, déi mëtten an de Maisons relais sinn iwwer Mëtteg. Do gëtt et Enseignanten, déi soen lech: „Mir kënnen mat verschiddene Kanner nomëttes guer näischt méi ufänken!“, well se einfach zwou Stonnen do an enger Maisons relais bleiwen. Quitte datt déi Leit sech all Méi maachen an datt mer och nach vläicht mussen matmaachen...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- ...zwou Stonnen mëtten beim Fernseh, wou se eleng sinn, ass och näischt...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, Här Gira, mir zwee hate virun e puer Woche schonn eng Diskussioun hei, wou ech mengen, wou mer eis net ganz eens ginn...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Ech si frou, dass ech eng aner Meenung hu wéi Dir!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dir wäert dach elo net hei erëm wëlle behaapten, Här Gira, datt Kanner, déi net an enger Crèche sinn, déi doheem wieren, datt d’Elteren déi géife systematesch mëtten zwou Stonnen bei de Fernseh setzen.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Neen!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat hutt Der awer elo grad hei gesot.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Wësst Dir, wéi vill Schlësselkanner dass et gëtt?

(*Interruption*)

Här Gibéryen, wësst Dir, wéi vill Schlësselkanner et hei zu Lëtzebuerg gëtt?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...déi géifen hir Kanner vu moies bis owes bei de Fernseh setzen - wann dat deene Gréngen hir Usicht ass! Mir sinn där Meenung net! Mir sinn der Meenung, datt d’Elteren och doheem Responsabilitéit hunn a wëssen, wéi se hir Kanner erzéien...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Dir lieft um Mound, Här Gibéryen, Dir lieft um Mound!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...a se net virun de Fernseh zwou Stonnen setzen. Wann déi gréng hir Kanner virun de Fernseh setzen, dann ass dat Äre Problem!

(*Hilarité*)

Et gëtt vill Leit am Land, déi setzen hir Kanner...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här Gibéryen, wéi wär et, wann Der géift eng Temesta huelen an lech emol berouegen?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...déi setzen hir Kanner net virun de Fernseh. Duerfir schéngt et eis wichtigeg...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Maacht hei keng Show!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...datt mer eng Politik maachen, Här President, datt mer eng Politik maachen, déi der Famill et fräi léisst, déi der Famill et fräi léisst ze decidéieren, enger Famill. Amplaz datt mer nëmmen investéieren a Strukturen, wat gutt ass, mussen mer och investéieren, fir datt déi Famill, déi decidéiert fir doheem ze bleiwen, fir eng Kannererzéiung ze maachen, datt déi Famill och finanziell a sozial ofgeséichert ass. A virun allem, virun allem d’Fra - well et ass an der Regel d’Fra -, déi muss och sozial ofgeséichert sinn...

► **Une voix.**- Oh, wéi dann!?

(*Interruptions diverses*)

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...wa se doheem ass. An duerfir hu mir proposéiert an eise Wahlprogramm, fir hinzugehen...

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, e bësselche méi opmierksam nozelauschteren!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- déi gréng, déi gréng...

(*Interruptions diverses*)

déi gréng, dat si Weltverbesserer, déi lauschteren net gär esou Saachen!

(*Interruption*)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Also, mir sinn op alle Fall keng Krunnemécken, dat ass richtig.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Mir soen, Här President, ganz kloer, mir géifen all déi Familljenzoulagen, déi mer hunn, bündelen an engem Betreuungsgeld an all Famill, all Famill dat zoukomme loosse opgrond vun der Kannerzuel an opgrond vum Alter vun de Kanner. An dann ass et un der Famill, selwer ze decidéieren, ob se dat Geld hält, fir d’Kanner a Betreuungsstrukturen ze ginn, oder ob eng Persoun seet, ma ech bleiwen doheem mat deem Geld; wou mer dann awer soen, datt misst obligatoresch an d’Pensiounskeess abezueelt ginn.

Mir géifen och do e soziale Kritär mat erabringen, well mer mengen, datt a verschidde Moossnamen, déi an deene leschte Jore geholl gi sinn, net genuch Sozialkritären dra sinn. Mir géife soen, mir ënnerwerfen dat Betreuungsgeld de Steieren, an iwwert dee Wee géife mer dann e Sozialkritär mat an déi Diskussioun erabringen. Dat ass esou, wéi mir et an eise Wahlprogramm stoen hunn, a wou mer och der Meenung sinn, datt dat dat eenzegt Gerechtiwier...

(*Interruption*)

...datt dat dat eenzegt Gerechtiwier, wann d’Famill de Choix kritt, fir selwer ze decidéieren.

(*Interruption*)

Här Gira, et gëtt vill Elteren, déi wiere frou, wa se d’Geleeënheet hätten, fir hir Kanner an den éischte Méint a Jore selwer doheem ze zillen. Do gëtt et vill Elteren! A wann Dir wëllt hei de Geck mat deenen Eltere maachen, wéi Der dat elo permanent amgaang sidd, hei ze maachen,...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Maacht emol eng Paus! Huet emol eng Kéier Loft an da berouegt Der lech!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...da maacht Dir dat! Mir hunn op jidde Fall héije Respekt...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Oohhhh!

► **Une voix.**- Mir och!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...heije Respekt virun där Aarbecht, där Erzéiungsaarbecht, déi souwuel an de Strukture vum Personal gemaach gëtt, awer och genausou vill virun deenen Elteren, déi déi Aarbecht doheem selwer maachen, an dat Ganzt...

► **Une voix.**- An da mengt Dir, Dir wäert déi Eenzeg!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...wäert dem Wuel vun eise Kanner entgéintkommen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Elo kritt d’Wuert den Här Urbany.

► **Une voix.**- Et muss jo ëmmer een haart jäizen, mir si jo zu vill.

► **Une autre voix.**- Eis Tëleeë si mat Solar-energie.

► **Une troisième voix.**- Oh Mamm, de Männerveräin déi aner Säit!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Bon, Merci, Här President. Ech sinn d’accord mat deem, wat den Interpellant hei seet. Ech wollt eigentlech och soen: Ech sinn d’accord mat deem, wat all d’Riedner hei soen. Bis zum Här Gibéryen senger Interventioun! Elo muss ech awer soen: Ech sinn d’accord mat deem, wat déi meescht Riedner hei gesot hunn, an zwar, dass mer esou Erzéiungsstrukturen niewent der Schoul oder virun der Schoul brauchen.

Och an der Hypothees, wa verschidde Leit hir Kanner doheem versueren, da brauche mer nawell fir déi, déi déi Institutiounen do brauchen, qualitativ gutt Programmer. Mir brauche Leit, déi ausgebilt sinn. An et ass aus där Debatt hei ervirgaangen, dass et do nach grouss Defiziter gëtt. Dat heescht, mer brauchen och déi néideg Mëttelen, déi do mussen agesat ginn, an déi Mëttelen, déi kënnen nëmme kommen entweder aus dem Statsbudget oder aus dem Gemengebudget oder awer aus der Eegebedeelegung vun de Leit. Eng aner Finanzéierungsméiglechkeet gëtt et net.

Ech muss soen, ech hunn ni dem Här Juncker gegleeft, wou e geschwat huet vun der Gratuitéit vun deem Secteur.

Firwat net? Well de But vun de Chèques-services jo eigentlech dee war, fir net méi mussen all déi Plazen, déi awer noutwendeg sinn, well ebe vill méi Leit schaffe ginn zu zwee, déi Plazen, déi mussen geschaf ginn, wollt d’Regierung net aus öffentleche Mëttele schafen, duerfir huet se déi Chèques-services agefouert, fir dass och kënnen déi privat Crèchen - déi jo, wéi gesot ginn ass, hei duerno wéi d’Cham-pignons aus dem Buedem gewuess sinn -, fir dass déi privat Crèchen och kënnen iwwert déi Chèques-services do finanziert ginn.

Wann elo sollen d’Chèques-services, wéi een héiert, nach erofgesat ginn, da klëmmt natierlech d’Eegebedeelegung vun de Leit - si klëmmt iwwregens och am öffentleche Secteur dann -, mat engem Resultat vun der Ongläichheet vun de Leit vis-à-vis vun deene Servicer a mat der Gefor vun engem Zweeklassensystem an der Betreuung vun de Kanner.

An duerfir bedeit eng besser Betreuung, wéi se hei ugemahnt ginn ass, fir eis d’Gläichheet vun allen Elteren duerch eng Bereetstellung vu méi öffentleche Mëttelen. Dat heescht, duerch eng öffentlech Gesamtschoul...

(*Interruption*)

Pardon, duerch eng öffentlech Ganzdagschoul, déi och demokratesch géréiert gëtt, och um Gemengeplang demokratesch ka géréiert a koordinéiert ginn an déi och gratis ass fir d’Leit.

Ech soen lech Merci.

(*Interruptions*)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Elo kritt d’Wuert d’Madame Familljeministesche Marie-Josée Jacobs.

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l’Intégration*.- Merci, Här President. Ech géif fir d’Éischt wëllen dem Här Meisch Merci soe fir säi Verständnis, wat en hat, datt et gedauert huet vum Juni bis elo, mä ech denken awer - a mer haten och doriwwer matenee geschwat -, datt et méi sënnvoll wier, wa mer géifen déi Diskussioun hei féieren, wa mer konkret Propositionen ze maachen hätten, wéi ze soen, mer sinn amgaang, un dësem ze schaffen, oder mer sinn amgaang, un deem ze schaffen.

8. Dépôt de deux projets de loi par Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l’Intégration

An duerfir géif ech mer erlaben, Här President, lech fir d’Éischt emol zwee Projets de loi ze deposéieren, wou de Grand-Duc mech derfir ermächtget huet, eng Kéier fir eng Modifikatioun vum Gesetz iwwert d’Jeunesse ze maache vum 16. Februar dëst Joer an eng Modifikatioun och vum Gesetz iwwert d’Aktivitéite vun den Dageselteren.

- **6409** - *Projet de loi modifiant la loi du 30 novembre 2007 portant réglementation de l’activité d’assistance parentale*

- **6410** - *Projet de loi portant modification de la loi du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*

9. Interpellation de M. Claude Meisch sur la qualité des services d’accueil et d’éducation des jeunes enfants (zéro à trois ans) (suite)

Da géif ech lech och wëllen en Dossier hannerleeë mat fënnef Règlements grand-ducaux, déi mer nei geschriwwen hunn, geännert hunn, an eng Mapp mat enger ganzer Partie vu Material dran, esougutt fir Informatioun, fir Sensibilisatioun...

(*Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l’Intégration, dépose une documentation.*)

(*Interruption*)

Gesitt Der emol! Gesitt Der emol! Da kann et och emol e puer Méint daueren, bis ee fäerdeg ass, mä jiddefalls mengen ech, datt mer do eng ganz Partie vun Outilen hätten, wou mer och domadder kënnen den Elteren entgéintkommen.

Vun deene Saachen, wéi gesot, déi den Här Meisch gesot huet, ass eigentlech näischt, wou mer an enger grousser Kontradiktioun matenee sinn.

Ech wëll och soen, datt ech net fir déi Saache wor, déi an der Press stoungen, well ech gesot hunn, et kennt näischt an d’Press aus Respekt vis-à-vis vun der Chamber a vis-à-vis vum Interpellant, an dësem Fall dem honorabelen Här Meisch, well ech fannen, wann d’Chamber esou eng Fro stellt, dann huet se och d’Prioritéit, a vun dohier wëll ech lech soen, datt et net meng Schold ass an ech mech och derfir entschëllegen, well ech fannen et wierklech net korrekt, datt Saachen dobaussen diskutéiert ginn, ier se da vun deene Leit kënnen zur Kenntnis geholl ginn, déi sech derfir agesat hunn.

Hei sinn eng ganz Partie vun Äntwerten. Well de Ben Fayot huet och eng ganz Partie vun